



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7417 vum 23. Dezember 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.

1. Ass et méiglech datt de CFL seng Date vun den Zich (fir all Faart, Arrivée, Départ, pro Gare, pro Zuch) als open Datebank (z.B.: data.public.lu) zur Verfügung stellt a permanent aktualiséiert?
2. Wier dëst och fir d'Busréseaux RGTR an TICE méiglech?

Um ganzen Lëtzebuerger, öffentlechen Transportreseau sinn d'Gefierer mat Telemetrie-Systemer ausgerüst, déi d'Reesender an Echtzäit iwwer de Verbleif vun hire Connexionen informéieren. Op den Arrêten, um Internet, der Mobilitéits-App an der CFL-App kritt den Notzer déi Informatiounen an Echtzäit matgedeelt. D'Verwaltung fir öffentlechen Transport stellt se zousätzlech a Maschinn-liesbarer Form zur fräier Verfügung iwwer hir Echtzäit-API (<https://data.public.lu/fr/datasets/api-mobiliteit-lu/>).

D'Operateure benotzen d'Echtzäit-Donnée fir intern Zwecker, notamment d'Iwwerwaachung vum Betrib. An deem Kontext publizéieren si och verschidde Statistiken, dont iwwer d'Ponktualitéit vun den Zich (<https://www.cfl.lu/fr-fr/punctuality>). Am Kader vun der ITS-Direktiv gi weider Planungsdaten ugebueden (<https://data.public.lu/fr/datasets/?tag=its>).

Eng national konsolidéiert, historiséiert Basis vun allen Lëtzebuerger Transportdaten an iwwer all Transportmoden existéiert aktuell leider net. Dofir hunn ech den Observatoire Digital de la Mobilité geschaf. Des Cellule geet den techneschen awer och rechtlechen Defi un, déi verschidden Daten vun verschiddenen, gréisstendeels proprietären Systemer fir d'Mobilitéitsplanung notzbar ze maachen. Eng vu sengen Tâche wäert et sinn, d'Notzung vum öffentlechen Transport a säin Betrib besser ze erfaassen, fir dass kenne geziilte Moosname geholl ginn, en sou effikass wéi méiglech ze maachen.

Lëtzebuerg, den 26. Januar 2023

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch